Ministère de l'Agriculture,
de l'Alimentation
et de la Viticulture 8
Référence :
02 JUIN 2026
A traiter par
Copie à

N°4141
Entrée le 26.05.2026
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 27.05.2026
Chambre des Députés

CSV AN DER CHAMBER

**Här Claude WISELER**
**President vun der Chamber**

Lëtzebuerg, den 26. Mai 2026

Här President,

Esou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Ministesch fir Konsumenteschutz an un d'Madamm Gesondheetsministesch weider ze leeden.

Rezent gouf an der Press iwwer eng Etüd bericht, déi opweist, datt sougenannte „Quetschies", also Plastikbeidelcher mat Babynarung, beim Konsum eng héich Zuel u Mikroplastik-Partikelen fräisetzen. Laut enger Analys vum norwegesche Fuerschungsinstitut SINTEF Ocean géifen dës Plastikpartikelen duerch d'Suckele vun de Kanner aus de méi-schichtege Plastiksverpackungen an d'Liewensmëttel respektiv an de Kierper geroden. Betraff wieren ënner anerem Produite vu groussen internationale Marken.

Besonnesch am Kontext vum Schutz vun der Gesondheet vu Puppelcher a klenge Kanner stellt sech d'Fro, wéi dës potenziell Belaaschtung duerch Mikroplastik ze bewäerten ass a wéi eng Kontroll- a Preventiounsmesuren zu Lëtzebuerg existéieren.

An deem Kontext wollt ech follgend Froen un d'Madamm Ministesch fir Konsumentenschutz an un d'Madamm Gesondheetsministesch stellen:

1) Ass der Regierung dës Etüd bekannt a wéi bewäert si déi präsentéiert Resultater am Hibléck op d'Gesondheetsrisike vu Mikroplastik bei Puppelcher a klenge Kanner?
2) Ginn zu Lëtzebuerg spezifesch Kontrollen oder Analysen op Mikroplastik a Babynarung duerchgeféiert, besonnesch bei Produiten, déi a Plastiksverpackunge wéi „Quetschies" verkaaft ginn?
3) Leien den zoustännegen Autoritéiten Erkenntnisser oder Donnéeën iwwert d'Belaaschtung vu Babynarung duerch Mikroplastik um Lëtzebuerger Marché vir?
4) Wéi eng Recommandatioune kréien Elteren aktuell mat op de Wee, fir d'Expositioun vu Puppelcher a klenge Kanner géintiwwer Mikroplastik ze reduzéieren?
5) Ass virgesinn, Konsumentinnen a Konsumenten iwwer méiglech Risike vu Mikroplastik an dëse Produiten ze sensibiliséieren?

Här President, ech bieden Iech, mäin déifste Respekt unzehuelen.

**Charel Weiler**
**Deputéierten**

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Agriculture,
de l'Alimentation et de la Viticulture

**Gemeinsam Äntwert vun der Ministesch fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau, vun der Ministesch fir Gesondheet a sozial Sécherheet a vun der Ministesch fir Konsumenteschutz op d'parlamentaresch Fro n°4141 vum éierewäerten Deputéierten Här Charel Weiler**

**1) Ass der Regierung dës Etüd bekannt a wéi bewäert si déi präsentéiert Resultater am Hibléck op d'Gesondheetsrisike vu Mikroplastik bei Puppelcher a klenge Kanner?**

Der Regierung ass dës rezent Etüd bekannt déi am Optrag vu Greenpeace International vum norwegesche Fuerschungsinstitut SINTEF Ocean duerchgeféiert gouf. D'Resultater weisen, datt a verschiddene Babynarungsproduiten a bestëmmte flexibele Plastiksverpackunge Mikroplastikpartikelen an aner plastikassociéiert cheemesch Substanzen an d'Liewensmëttel kënne geroden.

D'Resultater heiraus, wéi och déi aus änlechen Etüde, weisen datt et wichteg ass, déi méiglech Gesondheetsrisike vu Mikroplastik weider wëssenschaftlech ze evaluéieren, besonnesch am Hibléck op Puppelcher a kleng Kanner[1]. Am aktuelle Stand vun der wëssenschaftlecher Fuerschung kënnen d'Gesondheetsauswierkunge vu Mikroplastik op de Mënsch, a besonnesch op Puppelcher a kleng Kanner, nach net definitiv bewäert ginn[2].

Et besteet allerdéngs eng wuessend Unzuel u wëssenschaftlechen Etüden, déi drop hiweisen, datt Mikroplastik an déi domat verbonnen Additiver potenziell Auswierkungen op biologesch Prozesser kéinten hunn[3]. D'Fuerschung zu de méiglechen Auswierkungen ass souwuel op europäeschem wéi och op internationalem Niveau amgaang a gëtt weider intensiv ënnersicht[4].

Eng definitiv Risikobewäertung fir Lëtzebuerg virzehuelen oder eng final Positioun zu de presentéierte Resultater ze hunn ass de Moment net méiglech well:

- et aktuell keng harmoniséiert europäesch Reglementatioun gëtt, déi Mikroplastik a Liewensmëttel explizitt erfaasst;
- d'EFSA (European Food Safety Authority) nach un enger ëmfaassender wëssenschaftlecher Risikobewäertung schafft, déi fir 2027 erwaart gëtt.

Dësen Avis soll standardiséiert Methode fir d'Miessung vu Mikroplastik souwéi Referenzwäerter fir d'Bewäertung vun de Gesondheetsrisike virschloen. Op Basis vun de Conclusioune vun der EFSA kann d'Europäesch Kommissioun zesumme mat de Memberstaten duerno entspriechend regulatoresch Moossnamen am Kader vun den europäesche Prozeduren ausschaffen.

Bis dohinner verfollegt d'Regierung weiderhin déi wëssenschaftlech Entwécklungen an d'Aarbechte vun den zoustännegen europäeschen Autoritéiten.

Well Puppelcher a kleng Kanner als eng besonnesch empfindlech Bevëlkerungsgrupp gëllen, huet d'Gesondheetsdirektioun am Sënn vum Virsiichtsprinzip schonn eng Rei Recommandatioune fir Elteren

[1] https://www.bfr.bund.de/fragen-und-antworten/thema/mikroplastik-fakten-forschung-und-offene-fragen/

[2] https://www.bfr.bund.de/fragen-und-antworten/thema/mikroplastik-fakten-forschung-und-offene-fragen/

[3] https://www.anses.fr/fr/content/un-cocktail-de-microplastiques-dans-notre-alimentation
[4] https://www.eea.europa.eu/en/european-zero-pollution-dashboards/indicators/impacts-of-microplastics-on-health-signal

erausginn, fir d'Expositioun vu Puppelcher a klenge Kanner géintiwwer Mikroplastik esou wäit wéi méiglech ze reduzéieren (cf. Äntwert op d'Fro 4).

2) **Ginn zu Lëtzebuerg spezifesch Kontrollen oder Analysen op Mikroplastik a Babynarung duerchgeféiert, besonnesch bei Produiten, déi a Plastiksverpackunge wéi „Quetschies" verkaaft ginn?**

Aktuell ginn zu Lëtzebuerg keng systematesch Kontrollen oder Routinenanalysen op Mikroplastik an der Babynarung duerchgefouert, och net spezifesch bei Produiten a Plastiksverpackungen, wéi zum Beispill „Quetschies".

Dëst ass virun allem dorop zeréckzeféieren, datt et de Moment nach keng international validéiert a standardiséiert Analysemethoden gëtt, déi eng zouverlässeg Quantifizéierung a Charakteriséierung vu Mikroplastik a Liewensmëttel erlaben. Zousätzlech feelt et nach un entspriechendem Referenzmaterial fir Routinenanalysen. Doriwwer eraus ass d'Duerchféierung vun esou Analysen technesch usprochsvoll, well eng bal komplett plastiksfräi Ëmwelt am Labo erfuerderlech ass, fir Kontaminatioune wärend der Analyse auszeschléissen. No aktuellem Kenntnisstand ginn dofir och an aneren EU-Memberstaaten nach keng Routinekontrollen op Mikroplastik a Liewensmëttel duerchgefouert.

D'lëtzebuergesch Liewensmëttelkontroll orientéiert sech bei hiren Kontrollen un de gëltegen europäesche Reglementer. Aktuell gesäit d'EU-Gesetzgebung nach keng spezifesch Grenzwäerter fir Mikroplastik a Liewensmëttel vir. Déi aktuell Kontrollen am Beräich vun de Materialien, déi mat Liewensmëttel a Kontakt kommen, konzentréieren sech virun allem op reglementéiert Substanzen.

D'Regierung verfollegt d'Entwécklungen an dësem Beräich awer aktiv iwwer déi jeeweileg Aarbeschtsgruppen.

3) **Leien den zoustännegen Autoritéiten Erkenntnisser oder Donnéeën iwwert d'Belaaschtung vu Babynarung duerch Mikroplastik um Lëtzebuerger Marché vir?**

Den Autoritéite leie keng Donnéeën iwwert Mikroplastik a Babynarung um Lëtzebuerger Marché vir. Well een sech nach ëmmer op Rechercheniveau befënnt an Lëtzebuerg net déi néideg Expertise huet, ass et am Ament net méiglech esou Wäerter ze produzéieren fir aussokräfteg Resulter ze hunn.

4) **Wéi eng Recommandatioune kréien Elteren aktuell mat op de Wee, fir d'Expositioun vu Puppelcher a klenge Kanner géintiwwer Mikroplastik ze reduzéieren?**

D'ALVA fir hiren Deel recommandéiert allgemeng eng diversifizéiert an equilibréiert Ernärung souwéi eng Variatioun vun den Originnen an de Marke vun de Liewensmëttel. Dëst bleift déi bescht Strategie, fir méiglech Risiken esou wäit wéi méiglech ze reduzéieren.

Wéi an der Äntwert op d'Fro 1 schonn ugedeit, huet d'Gesondheetsdirektioun an hirer Kompetenz eng Rei Recommandatioune am Sënn vum „principe de précaution" fir Elteren erausginn fir d'Expositioun vu Puppelcher a klenge Kanner géintiwwer Mikroplastik ze reduzéieren:

- Preferenz fir Alternativen zu Plastik bei Liewensmëttelkontaktmaterialien, wéi Glas, Edelstahl oder Keramik (z. B. Fläschen, Teller, Lagerbehälter);
- Reduktioun vum Gebrauch vu Plastikverpackungen, besonnesch bei direkt konsuméierbarer Babynarung (z. B. „Quetschies"), zugonschte vun anere Verpackungsformen (z.B. Glas);
- Préparatioun a Consommatioun vu frësche Liewensmëttel wéi Uebst, wa méiglech;
- Vermeidung vun der Erwiermung vu Liewensmëttel a Plastiksverpackungen, besonnesch an der Mikrowell, well Hëtzt d'Fräisetze vu Mikroplastik a chemesche Substanzen erhéije kann;

- Allgemeng Reduktioun vum Plastik am direkten Alldag vun de Kanner, besonnesch bei Objeten, déi a Kontakt mam Mond kommen (Iessen, Spillsaschen…).

Et ass ze betounen, datt eng komplett Vermeidung vu Mikroplastik an der haiteger Ëmwelt net méiglech ass, mee dës Moossname kënnen d'Expositioun signifikant reduzéieren.
Dës Informatiounen si momentan z.B. am Informatiounsdeel vum Carnet de maternité fir schwanger Fraen zum Deel enthalen.

De Carnet de Santé fir déi neigebuere Kanner gëtt aktuell vun der Gesondheetsdirektioun iwwerschafft a wäert och Informatiounen iwwert d'Ernärung enthalen. Am Kader vun der nationaler Campagne « 1000 premiers jours » an dem dediéierten Internet Site[5] wäerten och nach méi detailléiert Informatiounen iwwer dësen an aner Sujete vun der Santé environnementale accessibel ginn.

**5) Ass virgesinn, Konsumentinnen a Konsumenten iwwer méiglech Risike vu Mikroplastik an dëse Produiten ze sensibiliséieren?**

Wéi uewe schonn ernimmt, ginn Elteren am Sënn vum Virsiichtsprinzip iwwer Moossnamen informéiert fir d'Expositioun vu Puppelcher a klenge Kanner géintiwwer Mikroplastik ze reduzéieren. Dës Informatioune sinn notamment am Carnet de maternité verfügbar a ginn och an engem Guide fir Crèchen opgeholl, deen aktuell finaliséiert gëtt. De Fokus läit momentan op vulnerabele Gruppen (Puppelcher, Kanner, schwanger Fraen), woubäi des Informatioune fir déi ganz Populatioun relevant sinn. D'Gesondheetsdirektioun wäert hir Informatiounen zu dësem Thema am Aklang mat der Evolutioun vun de wëssenschaftlechen Erkenntnisser weiderentwéckelen an ergänzen.

Well eng gezielt Sensibiliséierung vun de Konsumentinnen a Konsumenten ass besser ëmsetztbar, wann déi méiglech Risiken op enger zolitter wëssenschaftlecher Basis bewäert kënne ginn. Dobäi soll och berécksiichtegt ginn, datt d'Bevëlkerung Mikroplastik aus ville verschiddene Quellen ausgesat ass. E kënnt beispillsweis duerch d'Wäsche vu syntheetesche Kleeder oder duerch d'Ofnotze vu Pneuen an d'Ëmwelt, a ka soumat och an d'Liewensmëttelkette geroden.

Eng national Informatiounscampagne ass fir 2027 virgesinn, am Zesummenhang mat der Veröffentlechung vum Avis vun der EFSA, dee fir nächst Joer geplangt ass. An dësem Avis sollen ënner anerem wëssenschaftlech Erkenntnisser zu de méiglechen Gesondheetsauswierkunge vu Mikroplastik präsentéiert ginn.

Eng nohalteg Reduktioun vun der Belaaschtung duerch Mikroplastik erfuerdert dofir e méi breet Ëmdenken an eiser Aart a Weis ze produzéieren, ze konsuméieren a mat Ressourcen ëmzegoen. D'Thematik vum Mikroplastik geet also wäit iwwer d'Liewensmëttelverpackungen eraus a verlaangt eng global Approche.

Et ass och ze bemierken datt op europäeschem Niveau verschidde gesetzlech Initiativen ëmgesat ginn fir d'Belaaschtung duerch Mikroplastik global ze reduzéieren. Sou gesäit d'EU-Reglementatioun (z. B. am Kader vun der REACH-Veruerdnung) vir, den Asaz vu syntheetesche Mikroplastikpartikelen an engem breede Spektrum vu Produite progressiv anzeschränken.

Lëtzebuerg, den 2. Juli 2026

(s.) Martine HANSEN

Ministesch fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau

---

[5] Pourquoi ce site ? - 1000 premiers jours